N°7971
Entrée le 26.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7971 vum 5. Mee 2023 vum honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser**

**Ad 1.):**
An deem vum honorablen Deputéierte genannten Zäitraum sinn 78 Beamten an d'Pensioun gaangen a ronn 20 hunn d'Ausbildung net gepackt. 14 Beamtem hunn demissionéiert, aner Beamten hunn ee changement d'administration bei d'Inspection générale de la Police oder aner Administratioune gemaach oder hunn aus gesondheetleche Grënn eng Platz ausserhalb vun der Police kritt. De Grond wisou Beamten d'Police verloossen ass net ëmmer bekannt, dat kann déi verschiddenst Ursaach hunn, zum Beispill eng berufflech Neiorientéierung.

| | |
|---|---|
| Départs à la retraite | 78 |
| Changements d'administration | 2 |
| Changements vers IGP | 5 |
| Échecs formation | 20 |
| Retraits statut fonctionnaire stagiaire | 4 |
| Démissions | 14 |
| **Total départs** | **123** |

Aus den Zuelen geet erfir dass déi meeschten Beamten opgrond vun der Pensioun d'Police verloosen, nëmmen een klengen Undeel vun den Départen besteet aus Beamten déi virum Enn vun hirer regulärer Déngschtzäit aus der Police ausgescheet sinn.

**Ad 2.):**
D'Police huet e Service psychologique a säit 2018 och e Service santé et bien-être au travail, deen Deel vum Personalbüro ass. D'Membere vun der Police kënne sech u si wenden, wa si Rot brauchen. Si assuréieren och d'Prise en charge no potentiell traumatiséierenden Interventiounen an ënnerstëtzen d'Beamten bei physeschen a psycheschen Erausfuerderungen.

Luxembourg, 26. Mee 2023

Le Ministre de la Sécurité intérieure

(s.) Henri KOX